N°3521
Entrée le 23.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.01.2026
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Zu Lëtzebuerg immatrikuléiert Autoe musse 6 Joer no der Immatrikulatioun all Joers an de Contrôle technique. Dëst gëllt onofhängeg dovun, ob et sech ëm Autoe mat Verbrennungsmotor oder ëm Elektroautoen handelt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass et, trotz den technologeschen Fortschrëtter, déi am Automobilsecteur an de leschte Joren gemaach goufen, nach ëmmer néideg, dass een all Joer an de Contrôle technique muss?

2. Wäert d'Regierung den Zäitintervall tëschent de Contrôles techniques no uewen upassen?

3. Ass d'Regierung sech bewosst, dass an Elektroautoen manner technesch Komponenten installéiert sinn an dowéinst manner Maintenance optrieden an déi soumat net all Joer missten an de Kontroll?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés